PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Mir goufen Temoignagen zougedroen, dass d'Ierpeldengerbaach zu Ierpeldeng den 8te November Verschmotzunge z'erkenne warent. D'Waasser vun der Bach hat eng mëllechzeg mof Faarf. Mengen Informatiounen no, goufen d'Autoritéiten iwwert d'Verschmotzung a Kenntnis gesat.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Ministesch Kenntnis vun dëser Verschmotzung?
2. Wat waren d'Grënn ?
3. Wéi wäert d'Verschmotzung an der Bach besäitegt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député